**Budget 2025**

**Ried vum Finanzminister Gilles Roth**

**09.10.2024**

**KURS OP MUER. EE MUER FIR JIDDEREEN.**

* Seul le texte prononcé fait foi

**1. Introduktioun ........ 3**

**2. Internationaalt Ëmfeld a makroekonomesch Zuelen ........ 7**

2.1 Geopolitesch Situatioun ........ 7

2.2 Makroekonomesch Zuelen ........ 8

**3. Eckdate vum Staatsbudget ........ 13**

3.1 Zentralstaat ........ 14

3.2 Sécurité sociale ........ 15

3.3 Gemengesecteur ........ 15

3.4 Gesamtsstaat ........ 15

3.5. Staatsschold ........ 16

**4. Konklusiounen zu der Budgetspolitik ........ 17**

**5. Prioritéite vum Budget 2025 ........ 21**

5.1 E Budget fir een inklusiivt Lëtzebuerg mat faire Chance fir Jiddereen ........ 22

5.2 E Budget fir gutt Infrastrukturen, méi Energieeffizienz an eng adäquat Gesondheetsversuergung ........ 374

5.3 E Budget fir eng kompetitiv Wirtschaft a Finanzplaz ........ 41

5.4 E Budget fir e modernt Land an e performante Staat ........ 47

5.5 E Budget fir ee séchert Land ........ 51

5.6 E Budget fir e Lëtzebuerg an Europa an an der Welt ........ 53

**6. Ausbléck a Konklusioun ........ 56**

## 1. Introduktioun

*Här Präsident,*

*Dir Dammen an dir Hären,*

- Neie Schwong fir eist Land. Opschwong fir Leit a Betriber. Vertraue fir d'Zukunft.

- Dat waren déi **grouss Zieler vum Budget 2024**.

- Neie Schwong, Opschwong a Vertrauen, verbonne mat Entlaaschtung, Solidaritéit, Invest, Effizienz a Sécherheet sinn och déi **grouss Leitmotiver vum Budget 2025**.

- Mat dësem Budget hale mir **Kurs op muer**. Ee Muer fir jiddereen.

- Lëtzebuerg fir **d'Zukunft** stäerken. Virun allem d'Bierger, déi hei wunnen, déi hei schaffen, déi hei liewen.

*Här Präsident,*

- Viru gutt 2 Woche sot den **UN-Generalsekretär zu New York**:

- “*Eis Welt ass matzen an engem Wirbelstuerm. (...) Mat <u>epeschen</u> Transformatiounen. (...) A mat déiwe <u>geopoliteschen Divisiounen</u>*.”

- Ee Stuerm, bei deem **vill zesummekënnt**.

- Mat ëmmer nach **donkele Konjunktur-Wolleken**. Grad och bei eise wichtegsten Handelspartner.

- Mat enger **grousser politescher Ongewëssheet** a ville grousse Länner.

- Mat enger **Klimakris**, déi net ofhëlt.

- Mat **Kricher,** déi de Leit Angscht maachen. Aus alle Generatiounen. Déi vill Leit an **d’Flucht dreiwen**.

- Do ass et wichteg, **heiheem dee richtege Kurs** ze halen. Fir datt kee muss Angscht virun der Zukunft hunn.

- Eist **klengt Lëtzebuerger Schëff** kann net alles eleng maachen.

- Mä, mir stellen eis beschtméiglech fir muer op. Mir musse **mat Schwong** eis Seegele setzen.

- Duerfir grad elo – ee Budget deen an den **Opschwong vun eisem Land a senge Leit investéiert**.

- Ee Budget als Ausdrock vun enger **nohalteg-sozialer Finanzpolitik**.

- Mam **Mënsch am Zentrum**.

- Dëse Budget ass een **Invest an d'Leit**. E **stäerkt eis Kafkraaft**. Mat Entlaaschtung fir Klengverdénger an déi breet Mëtt.

- Dëse Budget **stäerkt eise sozialen Zesummenhalt** an eise soziale Fridden. Mat enger resolutter Bekämpfung vun der Aarmut.

- Dëse Budget **stäerkt eis Nohaltegkeet**. Mat gezielten Invester an e Klimaschutz, deen d'Leit mathëlt.

- Dëse Budget **stäerkt de Standuert Lëtzebuerg**.

- Dëse Budget **stäerkt eis Zukunftsfäegkeet**. Mat vill Mobilitéit, gudde Schoulen, digitaler Innovatioun mat Kurs och a Richtung Kënschtlech Intelligenz.

*Här Präsident,*

- Dëse Budget ass och Ausdrock vun enger **responsabeler, vun enger nohalteger Finanzpolitik**.

- Duerfir, **keen negative Schéiereffekt** méi ewéi an de leschte Joren. Nee, ee **positive Schéiereffekt**. Vläicht schonn **dëst Joer**. Sécher am Joer 2025.

- **Dat heescht:** Einnamen, déi méi schnell wuessen ewéi d'Ausgaben.

- Den **Defizit am Zentralstaat** geet weider erof.

- Trotz **substanzielle Steiererliichterungen**. Trotz **steigendem Invest**. Trotz Stäerkung vun der **Kafkraaft**. Trotz méi héije **Militärausgaben**.

- Déi **ëffentlech Schold gëtt stabiliséiert**. Net réischt um Enn vun der Legislatur. Mä scho vum nächste Joer un.

- E **staarke Lëtzebuerger Sozialmodell** gëtt et just mat enger **staarker Wirtschaft** an engem **staarke Sozialstaat**.

– Mat **Triple A an och Triple S** zesummen.

## 2. Internationaalt Ëmfeld a makroekonomesch Zuelen

### 2.1 Geopolitesch Situatioun

*Här Präsident,*

– Wou steet eis Welt haut? 35 Joer nom Enn vum Kale Krich.

– Mir spieren, **datt eng nei Zäit kënnt**. Awer mir wëssen nach net genau wéi eng.

– An der **Ukrain geet de Krich a säin drëtt Joer**. Net ouni Konsequenz ob eise Budget. „*De Fridden huet säi Präis*", esou de fréieren Nato-Generalsekretär Jens Stoltenberg.

– Eis **Ënnerstëtzung fir d'Ukrain** bleift ongebrach.

– D'Situatioun am **Noen Oste** bleift schwiereg. Ee Konflikt, deen sech vun Dag zu Dag **ausbreet**.

– Dobäi komme Spannungen am **indopazifesche Raum**.

- Déi ganz Welt kuckt dann de 5. November gespaant op **Amerika**. Emol méi.

- Instabilitéit an Extremismus. Och an **Europa.**

- All dëst, **net ouni Impakt** op Lëtzebuerg.

- Ëmsou méi solle mer **eis Stabilitéit heiheem schätzen**,.

- Eng Stabilitéit, déi och mat enger **nohalteg-sozialer Finanzpolitik vun der Mëtt** ze dinn huet.

## *2.2* Makroekonomesch Zuelen

***Wirtschaftsleeschtung (PIB)***

*Här Präsident,*

- Mindestens **genau sou vernetzt**, wéi déi beschriwwe global Krisekaart ass och **déi global Wirtschaft**.

- Dat gëllt fir Gidder. Dat gëllt fir Kapital. Dat gëllt fir Technologien.

- Eist **makroekonomescht Ëmfeld** ass gepräägt vun dësen **Onsécherheeten**.

- Nach ka kee mat Sécherheet viraussoen, wat muer ass.

- Duerfir ass et wichteg, datt mir **eis Hausaufgaben heiheem maachen**.

- An et ass och wichteg, **global Megatrends**, wéi déi Kënschtlech Intelligenz, net ze verschlofen.

- Awer trotz de ville Wolleken um Himmel, ginn et dach **Tendenzen an déi richteg Richtung**.

- No engem schwierege Joer 2023, wou **d'Eurozon** laut Kommissioun just e Wuesstem vun 0,4% konnt opweisen, weist den Trend do erëm liicht no uewen.

- Bréissel no wäert d'Wirtschaft an der Eurozon 2024 em 0,8% an 2025 ëm 1,4% wuessen.

- Och **heiheem** geet de PIB an déi richteg Richtung.

- **Dëst Joer** – laut STATEC – ee **Wuesstum vun 1,5%**. Also bal duebel sou vill, wéi d'Eurozon – **An 2025**: geschate +2.7%.

- Am Kloertext: **et geet biergop**! Och wa mir nach vill Retard opzehuelen hunn.

***Inflatioun***

*Här Präsident,*

- Och a Saachen **Inflatioun** stëmmt d'Richtung.

- D'Inflatioun ass **réckleefeg**. Dat si gutt Nouvellen. Grad fir Leit mat klengen Akommes.

- Gutt ass jiddefalls, datt d'Präisser manner séier wuessen.

- Laut Eurostat ass **d'Joresinflatioun an der Eurozon** am September op 1,8% gefall.

- Laut STATEC ass och zu **Lëtzebuerg** d'Präisdeierecht am September op 1,3% erofgaangen.

- Fir **2024** rechent ee mat +2,3%.

- Fir **2025** kënnt et doriwwer eraus wéi ugekënnegt zu engem deelweisen Ophiewe vum Energiepräis-Deckel.

- Mir si mat dat **eenzegt Land mat nach esou engem Deckel**.

- Doduerch zitt d'Inflatioun 2025 nees liicht un: +2,6%.

- Allerdéngs wäit ënnert den 3,3%, déi de STATEC nach am Februar – ënnert aneren Hypotheese - virausgesot hat.

- An et gëtt nach **en anere Liichtbléck**:

- D'Zentralbanken hunn hir **Zënspolitik gelackert**.

- Déi **europäesch Zentralbank** eng éischte Kéier am Juni. An elo kierzlech am September.

- Et gesäit no enger **Zëns-Wend** aus.

- D'**Prête** ginn domadden rëm **méi gënschteg**. An den Zougang zur eegener Wunneng méi einfach.

- An och de leschte **Vertrauens-Indikator vun der Zentralbank** weist no uewen.

***Aarbechtsmaart***

*Här Präsident,*

- **Chômage** ass net just wirtschaftlech, mä virun allem **sozial a mënschlech** ee grousse Problem.
- Hei musse mir also **géigesteieren**.
- Ëmsou méi, wou den Aarbechtsmaart dëst Joer net direkt vun der méi positiver Dynamik vun der Wirtschaft profitéiert.
- Fir 2024 gëtt mat engem **Chômagetaux** vu 5,9% gerechent. 2025 mat engem Taux vu 6%.
- Eise Chômagetaux läit domadden nach ëmmer **manner héich ewéi d'Moyenne an der EU**.
- Mä mir **beweegen eis méi no zu dëser Moyenne**. De **Grond** ass e gebremste Wuesstem beim Emploi intérieur.
- D'**Beschäftegung** wäert dëst Joer – laut STATEC – just ëm 0,9% wuessen.
- De STATEC revidéiert domat seng Previsioune vun Ufank vum Joer (+1,3%).

- Am **Bau** ass d'Beschäftegung **erofgaangen**. A ville Beräicher stagnéiert den Emploi. Wuesstum hu mir am Moment am ëffentlechen Déngscht, am Sozial- an am Santésberäich.

- **Mëttelfristeg** wäert den Emploi – laut STATEC – op 2,5% Wuesstem klammen. Awer nach ëmmer ënnert der historescher Progressioun vu ronn 3% bleiwen.

## 3. Eckdate vum Staatsbudget

---

*Här Präsident,*

- E Budget, dat ass och eng **Iwwersiicht iwwert d'Staatskeess**.

- Duerfir als éischt **d'Eckdate vun dësem Budget**. No europäesche Comptabilitéits-Reegelen.

- Dës Eckdate ginn Iech an och de Leit e Bild iwwert **d'Performance vun eise Staatsfinanzen**.

## 3.1 Zentralstaat

- Eis **Einname lafe gutt**.

- **Fir d'Joer 2024** rechne mir mat Einname vun 28,1 Milliarden Euro. Am Fréijoer si mer nach vu 27,5 Milliarden Euro fir dat lafend Joer ausgaangen.

- Fir **2025** viraussichtlech Recette vun 29,6 Milliarden Euro. Ee **Plus vu 5,2%** oder +1,5 Milliarden Euro am Verglach zu 2024.

- **D'Ausgabe** klamme vu geschaten 29,5 Milliarden 2024 op 30,9 Milliarden 2025. +1,3 Milliarden Euro oder +4,5%.

- Dat huet och positiv Auswierkungen op de **Solde am Zentralstaat** – also am eigentleche Staat.

- Dëse **Solde** beleeft sech 2025 viraussichtlech op **minus 1,29 Milliarden Euro**. Gutt 500 Milliounen Euro manner, ewéi am Pluriannuell am Mäerz 2024 geschat.

## 3.2 Sécurité sociale

- **Sécurité sociale:** Enn 2024 wäerte mir ee Solde vun +937 Milliounen Euro hunn. Enn 2025 vun +657 Milliounen. D'Tendenz weist no ënnen. Dat ass bedéngt duerch vill Ofgäng an d'Pensioun an eng niddreg Progressioun vum Emploi.

## 3.3 Gemengesecteur

- De Solde am **Gemengesecteur** bleift iwwert déi ganz Period (2024-2028) positiv. Den Iwwerschoss vu +68 Milliounen Euro am Joer 2025 wiisst op +234 Milliounen Euro um Enn vun dëser Legislatur.

## 3.4 Gesamtstaat

Trotz däitlecher Verbesserung vum Solde am Zentralstaat iwwert déi nächst Joren, **behale mir iwwert déi ganz Legislatur een negative Solde am Gesamtstaat. Dat tëschent -0,3% an -0,6%.**

Dëst bedéngt duerch ee **konstante Réckgang** vum Iwwerschoss an der **Sécurité sociale.**

## 3.5. Staatsschold

- Och bei der **Staatsschold** stëmmt de **Kurs**.

- Trotz héijen Investitioune wäert **d'Staatsschold sech 2025 op 27,5% vum PIB stabiliséieren**.

- No 2026, weist **d'Trajectoire no ënnen**. A Richtung 26% am Joer 2028. Eng gutt Noriicht fir jonk Generatiounen.

- Mir wäerte weider an **Zukunft reegelméisseg Sue léine goen**.

- Zum engen, fir d'Emprunt'ne aus de leschte Joren ze refinanzéiere.

- Zum aneren, fir den Defizit ze decken, deen awer **ëmmer méi kleng gëtt**.

- Duerfir gi mir iwwer d'Zäit och **däitlech manner léinen**, wéi nach virun engem Joer virausgesot. D'Richtung stëmmt.

## 4. Konklusiounen zu der Budgetspolitik

*Här Präsident,*

*Dir Dammen an Dir Hären,*

- Mir sti fir eng **responsabel Budgetspolitik**. Fir **Previsibilitéit a Stabilitéit** an der Finanzplanung.

- Dat ass wichteg fir ee klengt Land. Dat ass de **Garant fir eisen Triple A**.

- Mir sti fir eng **ambitiéis Budgetspolitik**. Verantwortung heescht **elo** d'Zukunft virbereeden.

- **D'Kafkraaft stäerken. D'Land moderniséieren. Héich Investissementer.**

*Här Präsident,*

- D'Viraussetzunge ware **virun engem Joer** alles anescht ewéi roseg.

- Duerfir – nach eemol – **ee kuerze Réckbléck** ob d'Keese-Situatioun, déi de **Formateur** am Hierscht 2023 zu Senneng virgeluecht krut.

- 3,6 Milliarden Euro **Defizit am Zentralstaat** am Joer 2024. 3,1 Milliarden Defizit an de Joren 2025 an 2026. An dat Joer duerno nach een Defizit vun 2,9 Milliarden Euro.

- Fir 2027, eng **Staatsschold** vun iwwer 32% vum PIB.

- **Keng gutt Aussiichten deemools**. Viru just engem Joer!

- Elo, **eng kloer Trendwend**: Am Joer 2025 net 3,1 Milliarden Defizit mä 1,29 Milliarden Euro Defizit am Zentralstaat. Dat trotz Steiererliichterungen. Dat trotz héijem Invest.

- Oder **anescht gesot**:

    - ronn 2,2 Milliarde <u>manner</u> Schold 2024;
    - 1,8 Milliarde <u>manner</u> Schold 2025;
    - 2 Milliarde <u>manner</u> Schold 2026;
    - an 2,2 Milliarde <u>manner</u> Schold 2027.

- Mir halen déi **ëffentlech Schold** – anescht ewéi zu Senneng präsentéiert – Stand haut, déi ganz Legislaturperiod däitlech ënnert der 30%-Mark.

*Här Präsident,*

- Mir wäerten am Joer 2025 ee **positive Schéier-Effekt** tëschent Einnamen an Ausgaben hunn. Eis Einname wuesse méi séier ewéi eis Ausgaben.

- Ee Plus vu **4,5% bei den Ausgaben** am Joer 2025.

- Ee Plus vu **5,2% bei de Recetten** am Joer 2025.

- 2023 sinn d'Ausgaben am Zentralstaat nach ëm +11,3% gewuess.

- D'Zilsetzung ass kloer: D'Sue vum Staat **gezielt, intelligent an effizient ausginn**.

- Dëst, ënnert anerem, duerch **méi Kontroll bei de Fonctionnements-Käschten**.

- Dat och duerch eng **wuel iwwerluechten Astellungspolitik** beim Staat. 1.350 nei Poste fir d'Joer 2025. Keen Astellungsstopp. Awer méi kontrolléiert wuessen.

- Dat **ouni op Zukunfts-Investitiounen ze verzichten**. Soss verzichte mer op d'Zukunft selwer. 4,6% vum PIB ginn 2025 an den Invest.

- Mä och mat **gudde Recetten**. Ee Plus vu 5,2% am Joer 2025. No enger staarker Progressioun dëst Joer (+9,3%). Mä **manner wéi d'Moyenne** aus de leschte Joren (+6,2%).

- Dat erkläert, dass mir – Stand haut – schonn 2024 an net réischt 2025 - ee positive Schéiereffekt hunn. **Wien hätt dat zu Senneng geduecht?**

- Zousätzlech Recetten 2025, ënnert anerem, och duerch eng **Erhéijung vun den Akzise vu 5,5% op den Zigaretten**.

- Dat, no enger Hausse vun 2,7% am leschte Joer. An domadden och iwwert der duerchschnëttlecher Jores-Hausse aus der Period 2013-2023.

- Kuerz gesot: de **Richtungs-Wiessel ass do**.

- De positive Schéier-Effekt erlaabt eis, **d'Defiziter am Zentralstaat lues a lues zeréckzefueren**.

- De positive Schéier-Effekt erlaabt eis eng méi **nohalteg Trajectoire vun der Staatsschold**.

- Sou schafe mir **Vertrauen**, zéien **Investitiounen** un, suerge fir Wuesstem an Aarbechtsplazen.

- Sou suerge mir fir **Stabilitéit fir eis Wirtschaft**.

- Sou baue mir e **séchert Fundament fir eise Sozialstaat**.

- Sou schafe mir eis den **néidege Sputt fir muer**. Och am Hibléck op deen neien europäesche Budgetskader dee mir am Laf vum nächste Joer ëmsetzen.

## 5. Prioritéite vum Budget 2025

*Här Präsident,*

- D'Zil vun eiser Politik ass **d'Stäerkung vu Land a Leit.**

- Duerfir gi mir eis mat dësem Budget **kloer Prioritéiten**.

- Mir wëllen een **inklusiivt a solidarescht Lëtzebuerg**. Mat faire Chance fir Jiddereen. Mat engem staarke Sozialstaat.

- Mat **Perspektive fir jonk Leit**.

- Mat **zolitten Investitiounen** an eis Mobilitéit, an eis Gesondheetsversuergung an an eise Klima.

- Ee Budget fir e **modernt a séchert Land**. Mat engem performante Staat, deen d'Leit schützt.

## 5.1 E Budget fir een inklusiivt Lëtzebuerg mat faire Chance fir Jiddereen

- Eis **Finanzpolitik ass Alldagspolitik** fir d'Leit.

- Een **inklusiivt Lëtzebuerg** heescht: e Land, an dem Jiddereen derzou gehéiert.

- Solidaresch a sozial gerecht.

- D'**Aarmutsbekämpfung** ass **eng absolut Prioritéit**.

- Mir gi **konsequent géint Aarmut** vir. Awer och géint de Risiko an d'Aarmut ofzerutschen.

- **Ronn 47% vun eisem Budget fléissen a Sozialtransferten**. Dat si 14,3 Milliarden Euro.

- D'Sozialtransferten si net vun ongeféier deen **déckste Posten am Budget.**

- Sie **reduzéieren d'Ongläichheeten**.

- Sie stäerken eise **sozialen Zesummenhalt**, ouni deen et kee staarkt Lëtzebuerg gëtt.

- 15% vun eisem Budget si fir **d'Altersversuergung**. Sief et beim Staat, der CFL oder an der Pensiounskeess.

- D'Participatioun vum Staat an der **Pensiounskeess** beleeft sech op 2,7 Milliarden Euro. Eng Progressioun vu 5%.

***Sozialpolitik***

- Och wann anerer eis anescht betitelen: mir sti fir eng **staark Sozialpolitik**. Verbonne mat enger **staarker Wirtschaftspolitik**.

- **Soziales a Wirtschaft** ginn am Lëtzebuerger Modell just zesummen.

- Fir 2025 geet d'**Deierungszoulag** ëm ronn +10% an d'Luucht. Dat kascht 5,5 Milliounen Euro.

- D'Residenz-Dauer fir dës Hëllef ze kréie geet vun 12 op 3 Méint erof. **Méi Leit** wäerten dës Hëllef an Zukunft kréien.

- Dat gëllt och fir d'**Energieprimm**. Dës Primm gëtt fir all déi Leit, déi bis elo dovu profitéiere konnte, **verdräifacht**: ee Plus vu 16,3 Milliounen Euro.

- Bis ee Revenu, dee 25% iwwert der Akommesgrenz fir d'Deierungszoulag läit, kritt een de volle Montant.

- Doriwwer eraus gëtt d'Primm **erweidert** – mat engem degressive Montant – op Leit mat engem Revenu, dee bis zu 30% iwwert der Akommesgrenz fir d'Deierungszoulag läit. Also **och sozial gestaffelt**.

- **Méi Leit kommen also an de Genoss vun dëser Primm**.

- Déi Leit, déi d’*Allocation d’inclusion* ze gutt hunn, kréien an Zukunft automatesch d’Deierungszoulag an d’Energieprimm. Käschtepunkt: +6,2 Milliounen Euro.

- Den **Equivalent crédit d‘impôt gëtt definitiv bäibehale** fir Leit, déi de REVIS oder de Revenu fir schwéier handicapéiert Persoune (RPGH) kréien: +16,8 Milliounen Euro.

- **Elengerzéier** sinn dem Aarmutsrisiko mat am meeschten ausgesat.

- Sie wäerten duerfir mat **am meeschten entlaascht ginn**.

- Als éischt, duerch **d’Upasse vun der Steiertabell** un d’Inflatioun. Als Rappel, eemol op den 1.1.2024 an elo nach eemol op den 1.1.2025.

- Dann duerch **d’Upassung vun der Berechnungsformel** an der Klass 1A.

- Schlussendlech duerch **d’Erhéijung vum Steierkredit** fir Elengerzéier.

- Den **net qualifizéierte Mindestloun** ass vum 1. Januar 2025 u **steierfräi**.

- Een **historesche soziale Fortschrëtt** fir eist Land. Ee Schrëtt deen dacks gefuerdert gouf. **Dës Regierung** huet et gemaach.

- **Eeler a fleegebedierfteg** Leit gehéieren an d'Mëtt vun eiser Gesellschaft.

- Eis **Alters- a Pfleegeheimer** leide besonnesch ënnert der Deierecht. Duerfir gëtt d'**Hëllef fir d'Energie-Méikäschte** bis Enn 2025 verlängert (+6,6 Milliounen Euro). D'Präisser an den Altersheimer ginn esou stabiliséiert.

*Här Präsident,*

- Zesummenhalt heescht och Elektresch fir jiddereen.

- Duerfir wäerten d'Leit och dat nächst Joer vun engem **gedeckelte Präis beim Elektresche** profitéieren.

- D’Hausse vun dëse Präisser wäert op **30% begrenzt sinn**. Zesumme mam Kompensatiouns-Mechanismus, ee Käschtepunkt vun 141 Milliounen Euro.

- Grad **sozial méi schwaach Leit** brauchen eng Stäip.

- Déi gutt a wichteg **Aarbecht vun eise Sozialämter uechtert d’Land gëtt duerfir gestäerkt.**

- D’Bedeelegung vum Familljeministère bei de **Sozialämter** geet am nächste Joer ëm 11% an d’Luucht. Bis 2028 ëm méi ewéi 21%.

- Eng **besser Berodung** hëlleft de Leit duerch den Hëllefs-Dschungel. Dacks wëssen d’Bierger net, wéi eng Hëllefen si zegutt hunn.

- Duerfir méi **Kreditter fir d’Sensibiliséierung**. An duerno de **Guichet social.** Eng Ulaf- a Kompetenzstell fir Sozialhëllef.

- **Solidaritéit** ass eis wichteg. Duerfir ginn d’Dotatioune vum **Nationale Solidaritéitsfong** (FNS) 2025 nach eemol zolidd an d’Luucht. + 64 Milliounen Euro am Verglach zu 2024.

- Solidaresch bleiwe mir och mat de **Flüchtlingen**.

- De Budget fir den **Office national d'accueil – den ONA -** kënnt op 238 Milliounen Euro (*inklusiv Personalkäschten*), eng Hausse vun 11% am Verglach zu 2024.

***Wunnengsbau***

*Här Präsident,*

- D'Wunnen ass nach ëmmer ee **grousst Suergekand** vun de Leit. De **Logement bleift eng Haaptprioritéit** vun dëser Regierung.

- An och vun eisem Budget.

- D'Ausgabe vum **Spezialfong fir abordabele Wunnraum** klammen ëm 130 Milliounen Euro am Verglach mat 2024. Vun 331 Milliounen Euro op 461 Milliounen Euro. Een zolitte Plus.

- Fir 2025-2028 sinn insgesamt 2 Milliarden Euro virgesinn.

- **Finanziell Bedeelegungen u Wunnengsbau-Projete** vum Fonds du Logement, vun der SNHBM a vu Gemengen an Héicht vun 218 Milliounen Euro fir 2025. Ronn 1 Milliard Euro am Zäitraum 2025-2028.

- De **Staat wäert och selwer aktiv um Wunnengsmaart** bleiwen. Fir Immobilien opzekafen, si ronn 630 Millioune fir d'Period 2025-2028 virgesinn.

- Dorënner och 480 Milliounen Euro am Kader vum sougenannte **VEFA-Opkafprogramm**. Bis Ufank September konnte Projet'e fir 152 Wunnengen ënnerschriwwe ginn. 13 Dossier'e fir +/- 414 Logementer waren zu deem Zäitpunkt nach an der Evaluatioun.

- Een **zentralen Acteur** beim Wunnengsbau sinn och eis **Gemengen**. Weider Kreditter stelle mir duerfir fir de Pacte Logement 2.0 bereet. 117 Milliounen Euro.

- D'Moossnamen aus dem **Logementspak weisen eng éischt Wierkung**.

- Et **geet biergop**. Virun allem beim Verkaf vu besteeënde Wunnengen.

- De Volume vun de Kreditter fir de Wunnengs-Kaf geet och erop geet.

- Mä mir brauchen hei nach **aner Weeër**.

- Duerfir **elo** eng **weider Moossnam** fir dësen Opschwong ze ënnerstëtzen - fir dësen Opschwong **och an de VEFA-Verkaf** ze kréien.

- Fir **weider Aktivitéit** an de Secteur vum Bau ze kréien.

- Réckwierkend ob den **1. Oktober a bis den 30. Juni 2025** bezuelen d'Leit just nach **d'Hallschent vun den Enregistrementskäschten** déi ufalen.

- Aneschters gesot, **den Enregistrement gëtt** also vun elo u fir déi nächst 9 Méint, **just nach op der Hallschent vum Akafspräis berechent**.

- Dës nei Reegel gëllt fir **all Acquisitioun** – sief et fir den **Eegenheem-Keefer** oder den **Investisseur**.

- Mam Logementspak goufen och déi **individuell Wunn-Bäihëllefe** reforméiert.

- Fir och hei **méi Leit** ze erreechen.

- Elleng fir **d'Bedeelegung vum Staat un de Scholdzënsen** si ronn 7 Milliounen Euro méi d'nächst Joer virgesinn.

- Mam Zesummespill vun all dëse Moossname gëtt bezuelbaart Wunne fir méi Leit zu enger Liewenswierklechkeet.

***Educatioun a Kannerbetreiung***

- 116.000 Schüler haten elo am September Rentrée.

- Eis **Zukunft sinn eis Kanner** a virun allem eis jonk Leit.

- Eise **Schoulsystem ass d'Fundament fir eis Gesellschaft** vu muer.

- An och fir d'Präventioun vun der Aarmut.

- Den **Educatiouns-Budget klëmmt duerfir ëm +330 Milliounen Euro** op iwwert 4,4 Milliarden Euro. 15% vun de Gesamt-Ausgabe vum Zentralstaat!

- E gudden Invest an d’Zukunft. Och an d’Chancëgläichheet.

- *Här Präsident,*

- Eis **Kanner sinn dee gréisste Räichtum**, dee mir als Land hunn.

- D’**Betreiung** vun eise Kanner spillt eng zentral Roll.

- **Virop fir d’Elteren, déi schaffe ginn**. An dat sinn déi meescht.
- Iwwert de **Chèque Service Accueil** gi Famillje mat 804 Milliounen Euro ënnerstëtzt. Ee Plus vun iwwer 88 Milliounen Euro (+12,3%).

- D’Participatioun vum Staat un de **private Betreiungsstrukture** geet vu 566 Milliounen Euro op 612 Milliounen Euro an d’Luucht. +8,1%.

- **Gutt investéiert Suen.** Grad och géint Kanneraarmut.

***Beschäftegung a Kafkraaft***

*Här Präsident,*

- Vun der Schoul ass et just ee kuerze Liewenswee op d'Aarbecht.

- Eng **gutt**, eng **gutt bezuelten** an eng **sécher Aarbecht** bleift fir dës Regierung zentral.

- Och wëll d'Aarbecht ontrennbar mat der Würd vum Mënsch verbonnen ass.

- A **schaffe muss sech lounen**.

- Genee dat ass de **Kär-Message** vun eisem **Entlaaschtungs-Pak**, dee mir virun e puer Méint op de Wee bruecht hunn.

- Duerfir gëtt **d'Steiertabell** fir d'Leit op den 1. Januar 2025 ëm weider 2,5 Indextranchen ugepasst.

- Am ganzen eng **duerchschnëttlech Entlaaschtung** am Steiertarif ëm 17,4% zanter dem 1. Januar 2024.

- Mam Entlaaschtungs-Pak fir d'Joer 2025 **bezilt all Mënsch manner Steieren**. Virop déi **kleng a mëttel Revenuen**. Virop **d'Elengerzéier** an der Klass 1A. Virop **d'Mindestlounempfänger.**

- A propos Steieren.

- D'Aarbechte fir **d'Individualiséierung** an déi grouss Steierreform gi weider.

- Mir wäerten d'Chamber am Laf vum Joer 2025 fréizäiteg an de Prozess mat abannen.

- Mam Ziel ee **méiglechst breede Konsens** ze erreechen.

- Mam Ziel de **gesellschaftleche Verännerunge** Rechnung ze droen.

*Här Präsident,*

- De **sozialen Zesummenhalt** ass zentral fir eis Gesellschaft vum Mateneen.

- Grad **d’Aarbecht** spillt do eng zentral Roll.

- A wann d’Leit hir **Aarbecht verléieren**, brauchen si de **staarke Sozialstaat**.

- D’Ausgabe vum **Beschäftegungsfong** belafen sech eleng fir 2025 op ronn 1,2 Milliarden Euro.

- Ee Plus vu 35 Milliounen am Verglach zu 2024.

- D’ Beschäftegungs-Moossname maache ronn d’Hallschent vun den Ausgabe vum Beschäftegungsfong aus.

- Hei schloe besonnesch d’Ausgabe fir de Reklassement, fir d’sozial Initiativen an d’Preretraite zu Buch.

- Och fir **Mënsche mat spezifesche Besoin’e** gëllt: si gehéiere voll a ganz zu eiser Gesellschaft.

- D’Bedeelegung vum Staat un den **ateliers protégés** wäert duerfir ob 34,6 Milliounen Euro eropgoen. Ee Plus vun 2 Milliounen Euro.

- Iwwert de Beschäftegungsfong fléisse ronn 42 Milliounen Euro an **d’Formatioun.**

- Ee wichtegen Invest fir de sougenannte **Skillsgap** méi kleng ze maachen.

- Also fir d'Kompetenz vun de Beschäftegten den **Ufuerderunge vum Aarbechtsmaart** méi no ze bréngen.

- Zu enger **ganzheetlecher Sozialpolitik** gehéiert och eng breet **Ënnerstëtzung vun der Famill**.

- Kee staarkt Lëtzebuerg ouni staark Familen.

- Nieft de steierlechen Entlaaschtungen, wäert **d'Zukunftskeess** d'Famille mat iwwert 1,5 Milliarden Euro ënnert d'Äerm gräifen:

    - ronn 1 Milliard fir d'Kannergeld;
    - 422 Millioune fir de Congé parental;
    - 33 Millioune fir d'Allocation de rentrée scolaire;
    - bal 14 Milliounen Euro fir d'allocation de naissance

## 5.2 E Budget fir gutt Infrastrukturen, méi Energieeffizienz an eng adäquat Gesondheetsversuergung

- **Zukunft preparéiere fir méi Liewensqualitéit**. Dat heescht:

  - Investissementer a **modern Infrastrukturen** uechter d'Land;
  - Investissementer an eng **Mobilitéit mat ville Bausteng**;
  - Investissementer an déi **energeetesch Transitioun**;
  - Investissementer an **zäitgeméiss ëffentlech Bauten**;
  - Investissementer an eng **Gesondheetsversuergung,** déi der Entwécklung vum Land Rechnung dréit.

- Fir 2025 sinn **Investitiounen** an Héicht vu 4,6% vum PIB virgesinn. Ronn 3,9 Milliarden Euro.

***Infrastruktur / Bauten / Transport***

- Dozou gehéiere substantiell Investitiounen an d'**Schinn**, an de **Bus,** awer och an eis **Stroosseninfrastruktur**.

- Lëtzebuerg investéiert europawäit am meeschten an **d'Schinn**. Laut "*Allianz pro Schiene*" waren dat 2023 ronn 512 Euro pro Kapp. An Däitschland sinn et 115 Euro.

- De richtegen Zuch huelen – duerfir ginn d'Mëttele fir de **Fonds du rail** progressiv an d'Luucht. Vun 605 Milliounen Euro 2024 op 780 Milliounen Euro am Joer 2028. Eng Progressioun vu bal 30%.

- **Investitiounen** iwwer déi nächst Joren (2025-2028), ënnert anerem, an:

    - **d'Gare périphérique** um Houwald, 113 Milliounen Euro;
    - déi nei Zuch-Linn tëscht **Lëtzebuerg-Beetebuerg**: 105 Milliounen Euro;
    - d'Verdueblung op der **Streck Péiteng-Lëtzebuerg**: 20 Milliounen Euro;
    - de Pôle d'échange vun **Ettelbréck**: 52 Milliounen Euro.

- Dem Staat seng **Dotatioun u Luxtram** verdräifacht sech bis 2028. Vu ronn 80 Milliounen am Joer 2024 ob 220 Milliounen am Joer 2028.

- Wichtege Bausteen: den Ausbau vum Reseau mam **schnellen Tram a Richtung Esch**.

- De **Bus** ee weidert Kärelement vun eiser Mobilitéit. Ronn 390 Milliounen Euro fléissen dat nächst Joer, ënnert anerem, an den RGTR, den TICE an den CFL-Reseau.

- **Leit mat spezifesche Besoin'e** wäerte weiderhin an hirer Mobilitéit ënnerstëtzt ginn. Och mam **Adapto** an dem **Mobibus**. Ee Gesamtkäschtepunkt vun 82 Milliounen Euro am Joer 2025.

- De **Schülertransport** schléit 2025 mat 53 Milliounen Euro zu Buch.

- Och eise **Stroossereseau** gëtt ob d'Zukunft preparéiert. Den Auto bleift fir vill Leit onverzichtbar.

- Deemno klëmmt **d'Dotatioun vum Fonds des routes** vun 395 Milliounen Euro 2025 op 480 Milliounen Euro am Joer 2028. Eng Progressioun vun 22%. Hei, ënnert anerem:

    - d'Erweiderung op **2x3 Spueren op der A3 an der A6**: 245 Milliounen Euro;

    - den Amenagement vum **Ban de Gasperich** / Midfield: 79 Milliounen Euro;

- d’Ariichte vun engem **multimodale Korridor ob der A4**: 236 Milliounen Euro;
- de **Contournement Housen**: 105 Milliounen Euro;
- de **Contournement Hesper**: 13,5 Milliounen Euro;
- de **Contournement Käerjeng**: 40 Milliounen Euro.

– **Nei grouss Projet’e** wäerten deemnächst ustoen. Dorënner zum Beispill:

- **d’Erweiderung vun der B7** tëscht Schieren an Ettelbréck (65 Milliounen Euro)
- **d’Securisatioun vun der N7** tëscht dem Fridhaff a Wäiswampech (118 Milliounen Euro).

– Zu engem Lëtzebuerg, dat d’Zukunft virbereet, gehéiert den **Invest an eis ëffentlech Gebaier**.

– Zu de **Prioritéiten** zielt den Ausbau vun den Infrastrukturen am Beräich vun de **Schoulen.**

– Fir de **Bau vu Lycéesgebaier** iwwert déi nächst 4 Joer sinn Ausgaben an Héicht vu 740 Milliounen Euro geplangt.

- Aner Prioritéit: de Beräich vun der **Gesondheet a Soziales.** Dorënner d'Renovatioun vum **Domaine thermal** zu Mondorf fir 116 Milliounen Euro oder **d'Extensioun vun der Fondation Kräizbierg** zu Diddeleng fir ronn 28 Milliounen Euro.

- Eis **Spideeler** spillen eng zentral Roll an der **medezinescher Versuergung**.

- D'Enveloppe vum **Fonds hospitalier** geet op 156 Milliounen Euro erop – ee Plus vun 21%.

- Fir 2025 si gréisser Ausgabe geplangt e.a. fir:

    - den **Neibau vum CHL** : 43,5 Milliounen Euro;
    - dem **CHEM Südspidol** : 10 Milliounen Euro;
    - den Ausbau vun der **Urgence am Nordspidol**: 8 Milliounen Euro;

***Energie / Klima / Ëmwelt***

- Investissement an Zukunft heescht och eise **Klima an eis Biodiversitéit besser schützen**.

- An d’Leit beim Klimaschutz mathuelen.

- Invester mat Hëllef vu Fongen déi dem Ëmweltministère ënnerstinn.

- De **Waasser-Fong** fir, ënnert anerem, Investissementer an eis Kläranlagen an an d’Renaturéierung vu Flëss.

- Den **Ëmweltfong** fir, ënnert anerem, d’Bedeelegung vum Staat un neie Ressourcenzenteren uechtert d’Land.

- An natierlech, de **Klima- an Energie-Fong,** fir eis Zieler am iwwerschafften nationalen Energie- a Klimaplang ze erreechen.
- Am Total iwwer 510 Milliounen Euro aleng fir dës 3 Fongen.

- Besonnesch dem Klima- an Ëmweltfong kënnt eng zentral Bedeitung zou. 154 Milliounen Euro sinn am Joer 2025 fir **national Moossname** virgesinn.

- Do dernieft nach eemol 84 Milliounen als Bedeelegung u **Projet’en am Ausland**, déi eiser Klimabilanz fir erneierbar Energien ugerechent ginn.

## 5.3 E Budget fir eng kompetitiv Wirtschaft an eng gesond Finanzplaz

- Lëtzebuerg huet déi **läscht Joren u Vitess verluer**. Zu där Konklusioun kënnt de *World Competitiveness Report* 2023. 7 Plazen 2022 verluer. Weider 3 Plazen am Joer 2023.

- Dës Regierung huet **ee klore Kurs**: d'Kompetitivitéit vun eise Betriber an d'Attraktivitéit vun eisem Standuert stäerken. **Fir ee staarke Sozialstaat**.

- Mir **begleeden eis Betriber**. Bei der **Energietransitioun**. Bei der **Innovatioun**. Mat **Planungssécherheet**. Mat **steierlechen Entlaaschtungen**.

- Eis Wirtschaft brauch **Plaz fir sech ze entwéckelen**. Duerfir 52 Milliounen Euro fir 2025 fir d'Weiderentwécklung vun Aktivitéitszonen.

- Doriwwer eraus, **gréisser Investitiounen** an de besteeënden **Aktivitéitszonen**: 172 Milliounen Euro iwwer d'Joren 2025-2028.

- Betriber bei der **Energietransitioun ënnerstëtzen**:

- Dat duerch d'Ëmsetze vun eisem **nationalen Energie- a Klimaplang** – also dem **PNEC**. 1,3 Milliarden Euro an de Joren 2025-2028. Dovunner entfale ronn 174 Milliounen Euro op de Wirtschaftsministère.

- An Zukunft **manner ofhängeg vum Energie-Import** ginn:

- Duerfir, ee Pilotprojet fir **2 Hydrogen-Produktiounsstätten bei Entreprisen** anzeriichten. Een Invest vun 110 Milliounen Euro iwwert 10 Joer.

- D'Hëllefe fir **opluedbar Bornë** bei de Betriber wäerte weidergefouert ginn. Käschtepunkt am Joer 2025, ronn 12 Milliounen Euro. Am Total 41 Milliounen Euro bis 2028.

- Wéi annoncéiert: **d'Kierperschaftssteier** geet op den 1. Januar 2025 ëm 1 Prozentpunkt erof. Mir beweegen eis domadden a Richtung OECD-Duerchschnëtt.

- Mir wëlle **weider innovéieren**. Méi maachen.

- D'Ausgabe vum **Innovatiouns-Fong** gi ronn 23 Milliounen Euro an d'Luucht.

- Mir wëllen eis **Wirtschaft och weider diversifizéieren**. An **nei Beräicher** investéieren.

- An deem Kader schaffe mir un enger **Bedeelegung um zukünftegen IRIS-2 Satellitteprojet** vun der EU. Eng eegen EU-Flott vu Satellitten.

- Vu Lëtzebuerg aus soll **eng Buedemstatioun** bedriwwe ginn.

- D'Participatioun vum Lëtzebuerger Staat wäert an den nächste 25 Joer bei ronn 155 Milliounen Euro leien.

- Och eis **Finanzplaz wäerte mir weider stäerken**.

- Hei gëtt eis Zukunft mat finanzéiert.

- Lëtzebuerg soll een **Zenter fir aktiv gemanaged ETF'en**, also boursecotéiert Fongen, ginn. Duerfir 0% Taxe d'abonnement op dëse Fongen. Fir nei Opportunitéiten. Fir méi Aktivitéit. Fir zousätzlech Recetten.

- Kompetitiv sinn, heescht och **Talenter unzéien**.

- D'Stabilitéit vun engem Land, seng Sécherheetslag, seng Offer am Bildungsberäich droen dozou bäi.

– Steierlech Moossname ginn **zousätzlech Impulser**. Dat:

  - mat engem méi **attraktiven Expat-Regimm** – fir héich spezialiséiert Profiller unzezéien – an domat verbonne weider Finanz- a Wirtschaftsaktivitéiten.
  - mat enger neier **Primm fir jonk Mataarbechter**;
  - mat der **neier Wunnprimm fir Jobstarters**, déi mir Ufanks des Jores am Kader vum Logementspak virgestallt hunn.

- Fest mat eisem Land, eiser Kultur an eiser **Ekonomie verbonnen – eis Baueren, eis Wënzer**.

- Mat hire Produit'e suergen si derfir, datt et eis besser zu Lëtzebuerg geet. Eis Agrar-Ausgabe bleiwen duerfir mat **272 Milliounen Euro** op engem ganz héijen Niveau.

- **Landwirtschaft a Schounung vu Ressource** ginn Hand an Hand. Duerfir si ronn 15 Milliounen Euro am **PNEC** virgesinn, fir eis Landwirtschaft bei Projet'en ze ënnerstëtzen, bei deenen CO2-Emissiounen agespuert ginn.

## 5.4 E Budget fir e modernt Land an e performante Staat

- Eist Land an eise Staat musse méi **fit fir muer** ginn.

- D'Digitaliséierung – ee vun de Schlëssele fir ee **performante Staat**.

- D'Digitaliséierung geléngt just, wa Lëtzebuerg un déi grouss **Internet-Autobunnen ugeschloss** ass. Duerfir gëtt LU-CIX fir déi nächst Jore gestäerkt. Käschtepunkt: 5,3 Milliounen Euro.

- D'Digitaliséierung zitt sech queesch duerch eise Staat. D'Ausgabe klammen 2025 op 282 Milliounen Euro. +6,5%.

- Den **Zenter fir Informatiounstechnologië** vum Staat (CTIE) kritt iwwert déi nächst Joren eng Enveloppe vu ronn 700 Milliounen Euro.

- Ronn 580 Projet'e plangt de CTIE déi nächst 4 Joren ëmzesetzen.

- Fir d'Ëmsetze vum "**once only**" gëtt eng **national Plattform fir den Austausch vun Date** geschaf. Iwwer déi nächst 4 Joren ee Käschtepunkt vun 8,7 Milliounen Euro.

- **Cyberattacken** huelen zou. Sie ginn och ëmmer méi komplex. Duerfir gëtt den nationalen **DDoS Scrubbing Zenter** – eise Filter-Zenter fir d'Datenautobunn – gestäerkt. Mat 5 Milliounen Euro 2025.

- D'Digitaliséierung vun der **Justiz** geet virun. Stéchwuert **Paperless Justice** – den elektroneschen Austausch tëschent Justizautoritéiten. De Kredit fir d'Entwécklung vun neie Logiciell'e geet vun 1,3 Milliounen Euro op 3,5 Milliounen Euro am Budget 2025 erop.

- Fir déi **national Strategie e-Santé** si 7,9 Milliounen Euro virgesinn.

- Och eis **Landwirtschaft** gëtt méi digital. Dëst fir **d'Relatioun vun de Betriber mat der Verwaltung** ze vereinfachen.

- Konkret duerch d'Schafe vun enger **nationaler Dateplattform**. Am Total eng Enveloppe vun 1,2 Milliounen Euro iwwer 4 Joer.

*Ee performante Staat mat funktionéierende Gemengen*

- Zu engem performante Staat gehéieren och **Gemengen** déi gutt opgestallt sinn. Sie sinn **no beim Bierger**.

- De **globalen Dotatiounsfong fir d'Gemenge** klëmmt op 3,2 Milliarden Euro. Ee Plus vun 119 Milliounen Euro.

- An Zukunft wäerten **d'Ausgabe vum CGDIS** nees un d'Progressioun vum globalen Dotatiounsfong vun de Gemenge gekoppelt ginn. Dat bréngt de Gemenge **Planungsécherheet**.

- Bei der Finanzéierung vun de **Busservicer** gräift de Staat de Gemenge mat ronn 85 Milliounen Euro ënnert d'Äerm.

- D'Kreditter fir d'Gemenge beim **Invest an d'Basis-Infrastruktur** gi beim Inneministère an den nächste Joren ëm 69,5 Milliounen Euro an d'Luucht.

*Ee Staat, deen ëm d'Bedeitung vu Sport a Kultur weess*

- Sport a Kultur sinn zentral **fir eise gesellschaftleche Mateneen**.

- D'Kreditter vum **Sportsministère** gi méi héich dotéiert.

- Dat besonnesch fir den nationale Federatiounen ze hëllefe, kompetent Personal anzestellen. Ee Plus vu 4 Milliounen Euro.

- An och d'**Kultur** gëtt gestäerkt a méi breet opgestallt.

- Dat mat engem Akzent op der **Valoriséierung vun eisem Patrimoine**.

- De Staat wäert sech déi néideg Kreditter gi fir **archeologesch Gruewunge** selwer ze maachen: +4,4 Milliounen Euro. Een **inventaire scientifique** wäert duerch den INPA – den **Institut national pour le Patrimoine architectural** – opgestallt ginn.

- D'Ausgabe vum **Fong fir den architektonesche Patrimoine** wuessen op ronn 37 Milliounen Euro.

## 5.5 E Budget fir ee séchert Land

– Ee Muer fir jidderee geet just mat Sécherheet fir jiddereen.

– Nach ni huet Lëtzebuerg esou vill an **d'Sécherheet vu senge Bierger** investéiert.

– Dozou gehéieren d'**Rettungsdéngschter** genee esou wéi eis **Police**, eis **Douane** an aner Sécherheets-Servicer.

– Fir ee performanten **Zivilschutz**. D'Dotatioun vum nationale Rettungsdéngscht geet 2025 ëm 40 Milliounen Euro an d'Luucht.

– Awer och ee Kredit vun 2 Milliounen Euro fir en **drëtten Air Rescue Helikopter**.

– Eng **grouss Informatiounscampagne** iwwert de „LU-Alert", den neie System fir d'Bierger virun enger Gefor ze warnen. Eng **Verbesserung fir de Katastropheschutz**.

- D’Police ass de Garant vun eiser **bannenzeger Sécherheet.** D’lafend Ausgabe (*ouni Personalkäschten*) belafen sech am Joer 2025 op 63 Milliounen Euro. Ee Plus vu 4 Milliounen Euro.

- D’Police zielt haut iwwer 3100 Mataarbechter. Iwwer déi nächst Jore wäerten **all Joer 200 Stagiairen** derbäikommen.

- Ronn 400 Poliziste goufen aus der Karriär C1 an d’Karriär B1 reklasséiert. Hir Aarbecht gëtt **unerkannt a valoriséiert**. Retroaktiv. Mir hu Wuert gehalen.

- Awer och **besser Infrastrukturen** a **gudden Equipement fir eis Police**. Bodycams wäerten an den Asaz kommen. Een neie Logistikzentrum ageriicht ginn.

- Nieft eise Sécherheetsdéngschter – virop d’Police – wëlle mir och eise Rechtsstaat stäerken. Virop eis Justiz.

- D’Kreditter fir d’Justiz (*ouni Personalkäschten*) klammen ëm 10%. Vun 96 Milliounen Euro 2024 op 105 Milliounen Euro 2025.

- Jo, mir wëllen eng **Justiz déi funktionéiert.** Eng Justiz, wou de Bierger schnell Gehéier kritt.

- **Duerfir geet d'Unzuel vun de Magistraten** an d'Luucht.

- Iwwer d'Period 2024-2028 wuessen d'Personalkäschten an der Moyenne ëm 3,4%.

- Méi Personal bedeit och nei **Besoin'en u Raimlechkeeten**. Deeler vum ale Kolléisch an der Stad ginn ëmgebaut a renovéiert fir d'Ënnerbréngung vun den Handelsgeriichter an dem Parquet général. Och eng Investitioun an **d'Erhale vun eisem Patrimoine**.

## 5.6 E Budget fir e Lëtzebuerg an Europa an an der Welt

- Kurs op muer heescht och **Kurs op Europa**. An enger Welt, déi ëmmer méi séier dréint.

- -Eis **Präsenz an der Welt** – dorënner eise **Baussenhandel** – gëtt méi breet opgestallt. Mir sinn eng oppen Ekonomie, mir hunn eng Finanzplaz vu Weltrang.

- Mir musse global denken. **Thematesch** ginn eis **Wirtschaftsbüro'en am Ausland méi breet opgestallt**. Synergië gi mat aneren Departementer gesicht. Och de Finanzen.

- 37% vun der Hausse vun de Kreditter (*ouni Personalkäschten*) am Ausseministère si fir de Commerce extérieur.

- **Solidaritéit** heiheem **awer och am Ausland**: 1% vum RNB **– eisem nationale Bruttoakommes** – si fir eis Entwécklungshëllef.

- Dat am Respekt vun der **sougenannter Additionnalitéit** – esou wéi vun der Chamber an enger Motioun vum 3. Juli 2024 zréckgehalen.

- Géife mir **d'Kreditter fir den Accueil vu Flüchtlingen a fir de Klimaschutz** an eis Entwécklungshëllef erarechnen – ewéi dat eng ganz Rei anere Länner maachen – **léich eis Entwécklungshëllef net bei 1% vum RNB mä bei 1,39%**, also net 599 Milliounen, mä 834 Milliounen Euro.

- Fridden a Sécherheet ginn et net zum Nulltarif.

- Déi weltwäit Sécherheetslag verlaangt **staark Signaler bei der Verdeedegung**.

- Duerfir gouf den **effort de défense** ugepasst. D'Trajectoire fir op 2% vum RNB ze kommen op d'Joer 2030 virgezunn.

- An Zuelen ausgedréckt wäerte mir am nächste Joer **792 Milliounen Euro an eis Verdeedegung** stiechen. 94 Millioune méi wéi dëst Joer.

- Do derbäi kommen nach eemol **80 Milliounen zousätzlech** fir d'**Ukrain** ze ënnerstëtzen.

- Mir **moderniséieren eis Arméi**. Hir Infrastrukturen. De **Centre militaire.** De **Schéissstand**. D'**Munitiounslager**.

- Lëtzebuerg baut seng **militäresch Kapazitéiten** aus. Ob an der **Loft**, am **Weltall** – 39 Millioune fir Satellittekapazitéiten, – oder am Beräich **Cyber Defense** – heivir Ausgabe vu 16,8 Milliounen Euro.

- Fir **169 Milliounen Euro** gi blindéiert Ambulanzen an nei taktesch Gefierer kaaft fir d'DINGO'en ze ersetzen.

## 6. Ausbléck a Konklusioun

*Här President,*

*Dir Dammen an Dir Hären,*

**Kurs op muer**

- Ech hunn um Ufank vum UN-Generalsekretär sengem **globale Wierbelstuerm** geschwat.
- Ee Stuerm vu **Polykrisen**. Awer eben och mat **Liicht um Horizont**.
- Eis **Zukunft ass net geschriwwen**.
- Wa mir als Leit, als Land, als Europa eis Wiessel-Chancen notzen, ass et mir ëm eis Zukunft net baang.
- Eis **Chancen notzen**: genee dat mécht dëse Budget.
- An net just op eng besser Zukunft waarden, mä **dës Zukunft aktiv siche goen.**
- Och mat faktebaséierter Zouversiicht.

- Fir Lëtzebuerg a seng Leit fir d’Zukunft ze stäerken.

- Méi **Netto vum Brutto** gëllt weider.

- Grad fir déi **breet Mëtt.**

- Trotz allen Ongewëssheeten: **Et geet biergop**.

- Och duerfir hält dëse Budget Kurs.

- Kurs a Richtung **Opschwong a Wuesstem**.

- Kurs a Richtung **Wuelstand an Entlaaschtung**.

- Kurs a Richtung **Gerechtegkeet an Aarmutsbekämpfung**.

- Kurs a Richtung **Liewensqualitéit a Mobilitéit**.

- Kurs a Richtung **Nohaltegkeet a Klima-Transitioun**.

- Kurs a Richtung **Digitaliséierung a Kënschtlech Intelligenz**.

- Kurs a **Richtung nohalteg Finanzen**.

- Kurs a **Richtung Vertrauen**.

- Kurs **op muer an iwwermuer**.
- Ee **Muer fir jiddereen**.
- *Ech soen Iech Merci.*